

# Titel: “Et gesäit en wei sech dat ganzt erëm wei fréier zu enger Equipe weider entwéckelt”

Interview mam 2ten Haaptsponsor Herr Leuck Paul, mee befir mir ufänken stellen mir lech den Paul an him sain Betrib fir:

Paul Leuck ass säit 1992 am Veräin an war 2009 President vum Veräin. 22 Joer laang ass den Paul am Comité vum F.C. Vinesca Ehnen. Den Paul huet iwwer 200 Matcher fir eischt Equipe gespilt. Fir den Paul ass den F.C. Vinesca Ehnen méi ewéi nëmmen een Fussballveräin. Säit 2 Generatioun ënnerstëtzt Famille Leuck den F.C. Vinesca Ehnen.

Den Paul Leuck ass Wënzer an huet ewéi sain Papp an sain Grousspapp den Familjebetrib iwwerholl den et säit 3 Generatiounen gött.

Geschicht vun Caves Leuck-Thull fängt am Joer 1966 als dem Paul sain Grousspapp, den Pierre Leuck, entscheet huet sech senger Passioun, sech dem Wäibau, ze widmen.

Dei 2 Generatioun, mam Jong vum Pierre den Jean Leuck an senger Fra Josiane, huet am Joer 1987 dem Pierre seng Passioun zou Wäibau gedeelt an den Betrib iwwerholl.

Mam Paul Leuck huet dei 3 Generatioun den Familjebetrib 2001 iwwerholl. Säitdem huet sech Wënzerei vergréissert an den techneschen Beräich mat all den Maschinnen sinn am neisten Stand.

An advertisement for 'Äschermëttwoch' at Restaurant Wäistuff Leuck. The top part features the text 'Äschermëttwoch' and 'Gebakene Fësch mat Fritten, Zalot an Remoulade'. Below this is a menu with the following items and prices:

Gebakene Fësch mat Fritten, Zalot an Remoulade	28€
Gebakene Filet mat Fritten, Zalot an Remoulade	28€
Ham Fritten an Zalot	21€
Fir d'Kanner Fëschsteewercher	12€

The bottom part of the advertisement includes the restaurant's address: 'RESTAURANT WÄISTUFF LEUCK 6A, RUE DE CANACH L-5430 LENNINGEN'. It also mentions the date and time: 'Mëttwoch, den 2. März 2022 vun 11.30 bis 20.30'. There is a 'COVID check.lu' logo and contact information: 'am Restaurant oder Take away nëmmen op Reservatioun bis den 25. 02. 22 621 22 80 93 oder info@restaurant-waistuff'.

Sait 2013 huet Cave Leuck-Thull eng Wainstube déi vum Paul senger Fra, Sandra Leuck, 2015 erweidert ginn ass mat engem Restaurant. Den Restaurant ass bekannt fir seng modern an behënnertegerecht Ariichtung.

# “Mir als Familie woren ëmmer beim FC Vinesca Ehnen aktiv”

**Paul Leuck**

Den Restaurant ass op vun Donneschdes bis Sonndeg mee natierlech op speziell Ufroe mam Paul oder mam Sandra kennt dir och ausserhalb vun dësen Deeg Evenement wei zum Beispill, Kanddä, Versammlung asw. den Restaurant lounen. Den Restaurant kann bis zou 100 Persounen ophuelen.

Den Site verspricht méi ewéi nëmmen excellent lessen an Drénken. Mat 2 Gewölbekeller déi iwwer 100 Joer hunn, kennt dir lech een Bild man ewéi eis Grousselteren an Ur-Grousselteren gelieft hunn. An

Sonneg Deeg kennt dir am Haff op der Terrasse äre lessen an Gedrénks genéissen.

Regelméisseg organiséieren Sie och Themen Owender ewéi den 02/03/2022. Thema ass:

## “ Äschermëttwoch, Gebakene Fësch mat Fritten, Zalot an Remoulade”

Natierlech kann een bei engem Wënzer och Wäiprouwen buchen an eng Tour vum ganzen Betrib man. Do kann een sech selwer iwwerzeegen iwwer déi virbildlech an excellent Aarbecht bei der Produktioun vum Spëtzewäin. Wann lech een Wäin schmaacht, muss dir och net bei den nächsten Supermarché fueren mee dir kennt deen och bei der Wäiprouf op der Platz kafen.

Dei 4 Generatioun ass schonn gebuer mee nach ze kleng fir den Familljebetrib ze iwwerhuelen. Do mussen mir nach puer Joer waarden.

Den Paul war bereet eis puer Froen ze beäntweren iwwer déi aktuell Saison, mee liest selwer wat hien vun dëser Equipe erwaart.

1. Gudden Moien Herr Leuck, als éischt soen mir lech Merci dat dir lech Zäit geholl huet fir eisen Veräin s internen Interview.

Dir sidd Wënzer an Restaurateur an der Mousel Regioun, dir huet als Sponsor deen Veräin jorelaang geprägt an gehollef, wat sinn an waren är Beweggrënn?

**Paul: Als Éiner Jong, huet mäin Papp och schonn ëmmer Sponsoring gemaach als Privatwënzer an mir als Familie woren ëmmer beim FC Vinesca aktiv, esou hunn ech einfach domat weidergemaach an man dat och haut nach gären.**

2. Den Veräin schafft mat der ASBL vun den White Lions zesummen déi sech zou Ziel gesat huet fir eng faire Chance fir Jugendlecher an all Form vun Kategorie, op Fussball, Esport asw. Wat ass äre Meenung vun dëser Zesummenaarbecht?

**Paul: Ech sinn frou dat de Veräin op dëse Wee gaangen ass an dat mir haut eng flott Equipe um Terrain stoen hunn déi och nom Match zesummen do steet an eppes zesummen do drénkt mat ganzen Veräin.**

- 3. Den Veräin huet sech nei orientéiert an senger Philosophie an dir sidd schonn Joeren dobäi als Sponsor, sidd dir zefridden mat der neier Philosophie vum Veräin?**

**Paul: Jo ganz zefridden an hoffen dat mir op dem gläichen Wee esou virun fueren.**

- 4. Wat ass den Ënnerscheid tëschen dësem Projet an den Projet vun den leschten Joeren?**

**Paul: De Jongen an dem Staff deenen ass et flott no ze kucken, an et gesäit en wei sech dat ganzt erëm wei fréier zu enger Equipe weider entwéckelt.**

- 5. Als Haaptsponsor, sidd dir zefridden vum Verlaf vun der Equipe?**

**Paul: Jo.**

- 6. Wat sinn äre Zieler mam Veräin an der Equipe?**

**Paul: Hoffen dat et nach laang op dëser Schinn virun geet.**

- 7. Wou gesidd dir als Haaptsponsor den Veräin an Equipe an 5 Joer?**

**Paul: Hoffen dat mir dann eng etabléiert Equipe an der 2.Division erëm sinn.**

- 8. Wat sinn äre perséinlech Wäerter?**

**Paul: Oprichtigkeet an Vertrauen. Keng Entschëllegungen sichen mee zou sengem Feeler stoen.**

- 9. Kennt dir als Haaptsponsor vun der Mousel eisen Supporter an den Fussballbegeschter Leit erklären wei eng Grënn et ginn fir Sonndes op Ehnen een Match kucken ze kommen?**

**Paul: Well et erëm Flott ass zu Ehnen Fussball kucken ze goen well do ass eng Lass. Respekt un all déi dat do erëm zu Ehnen méiglech gemaach hunn**

**Mir soen lech Merci Herr Leuck fir dat angenehm Gespräch.**

**Bis geschwënn an op den nächsten Heem Match an der Buvette.**